



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2022


Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro **als dréngend** un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Situatioun tëscht Armenien an Aserbajdschan verschäerft sech nees an der ëmstriddener Géigend vu Bierg-Karabach. Eng wichteg Verbindungsstrooss mat Armenien, déi d'russesch Arméi iwwerwaacht, ass do blockéiert. Wéi ëmmer ass et schwéier, Detailler gewuer ze ginn, mee eenzel Quellen nennen esouguer d'Presenz vun tierkesche Milizen als Ënnerstëtzung vum Aserbajdschan. De Krich an der Ukrain, kombinéiert mat aneren Interessen, ermontert dat aggressiivt Virgoe vum Aserbajdschan. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi geféierlech ass déi nei Situatioun an der armenesch-aserbajdschanescher Grenzregioun Bierg-Karabach?
2. Wéi kann déi Situatioun, an där Armenien relativ isoléiert erschénkt, stabiliséiert ginn?
3. Wat ënnerhëlt d'Lëtzebuurger Regierung konkret an den internationalen Institutiounen fir Armenien eng gerecht Behandlung ze garantéieren an d'Situatioun ze entschäerfen?
4. Ass eng Hëllefssaktioun geplangt, fir déi vun Armenien ofgeschnidde Bevëlkerung am Bierg-Karabach oder sinn Gespréicher iwwert esou eng Hëllefssaktioun amgaang?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten